

Lëtzebuerg, den 20. Juni 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,


Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung weiderzeleeden:

„Laanscht d'Uelzecht an d'Sauer schéngt eng ganz Rëtsch Beem krank oder vun engem Insekt befall ze sinn. Jiddenfalls sinn d'Blieder vun dëse Beem gefriess ginn a schéngen och net méi nei ze schéissen. Sou z.B. tëscht Ettelbréck an Dikrich laanscht d'Ënnersauer.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:

- *Ass d'Naturschutzverwaltung dësem Phänomen schonn op de Fong gaang?*
- *Ëm wat fir eng Kränkt handelt et sech?*
- *Handelt et sech heibäi éischer ëm een zäitweilegen oder ëm ee reng zoufällige Phänomen ?“*

Mat déiwem Respekt,



André BAULER
Deputéierten

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu